N°1125
Entrée le 27.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.08.2024

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 27. August 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„Tëscht Béiwen an dem Hareler Potto um Stauséi huet an der Nuecht vum 24. August op de 25. August bis spéit an den Dag eran eng net ugemellte Rave-Party stattfonnt, un där bis zu 300 Persounen aus der Belsch an Holland deelgeholl hunn. D'Police war op der Plaz, mee si huet aus Sécherheetsgrënn awer bis an de Sonndegnomëtteg era gewaart, fir anzegräifen.

An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- Wat fir Sécherheetsufuerderungen hunn eng méi fréi Interventioun vun der Police verhënnert?
- Allgemeng, wéi eng Mesurë goufe konkret vun der Police bei dësem Virfall ergraff? Goufen Drogekontrollen op der Plaz gemaach? Wa jo, goufen an deem Kontext och Droge confisquéiert? Goufe Leit vun der Police opgeschriwwen a wa jo, wéi vill Leit si betraff?
- Wéi gesäit et am allgemenge mat der Verstäerkung vun de Policepatrullen am Norden aus, besonnesch de Weekend?
- Wéi kéint een an Zukunft esou Virfäll evitéieren an, méi präzis an dësem Kontext, wat fir Lektioune ginn aus dem rezente Virfall vun engem Tuning-Treffen op engem Parking vun engem Shoppingzenter an der Gemeng Ëlwen gezunn?“

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéiert/en

André BAULER
Deputéiert/en